Dossier de l'animateur numéro 9

Bosses et Bobos

Dossier de l’animateur numéro 1 : Brochure de formation
Dossier de l’animateur numéro 2 : Sëcherheet
Dossier de l’animateur numéro 3 : Kachen a Brachen
Dossier de l’animateur numéro 4 : Erlebnispädagogik mit Gruppen
Dossier de l’animateur numéro 5 : Lidderhanes
Dossier de l’animateur numéro 6 : Natur
Dossier de l’animateur numéro 7 : Opbau vun enger thematescher Kolonie
Dossier de l’animateur numéro 8 : Spiller
Dossier de l’animateur numéro 9 : Bosses et Bobos
Dossier de l’animateur numéro 10 : Animateur ginn - Animateur sinn

Impressum

Matgeschafft
d’Equipe Bosses & Bobos FNEL Scouten
an Zesummenaarbecht mam SNJ (Adrien Promme an Anouk Kopriwa.)

Editeur
Service National de la Jeunesse

Mise en page
SNJ

Année de publication
2009



Index

Index

	Aleedung		p 5
1	Preventioun vu Krankheet an Accidenter		p 7
	Charta vun der Risikopreventioun		p 8
2	Hygiène		p 9
	2.1	Perséinlech Hygiène	p 10
	2.2	Hygiène am Chalet	p 10
	2.3	Hygiène um Camp	p 11
3	Kleng a grouss Boboen: déi éischt Soinen		p 13
	3.1	Bauchwéi	p 14
	3.2	Schwaach faalen	p 14
	3.3	Féiwer	p 14
	3.4	Nuesbludden	p 14
	3.5	Insektestëch	p 14
	3.6	Bëschzecken	p 15
	3.7	Hëtzschlag	p 16
	3.8	Wonnen	p 16
	3.9	D'Verbrennungen	p 20
	3.10	D'Vergëftungen	p 21
	3.11	Otemproblemer	
4	En Accident		p 23
	4.1	Du mëchs de Bilan vun der Situatioun	p 24
	4.2	Du mëchs en individuelle Bilan	p 24
5	Éischt Hëllef-Këscht		p 27
	5.1	Wat kënnt alles dran ?	p 28
	5.2	Explicatiounen zur Éischt Hëllef -Këscht	p 28
6	Medikamenter		p 31
	6.1	D'Gérance vun de Medikamenter	p 32
7	Assurancen		p 35
8	Fiches médicales		p 37



Aleedung

Op Aktivitéite mat Kanner oder Jugendleche si kleng Boboen oder Krankheeten net auszeschléissen. Dir gitt regelméisseg confrontéiert mat Situatiounen déi fir iech nei an ongewinnt sinn, wou dir eventuell Angscht hutt an net wësst wéi dir richteg sollt handelen.

Dëse klengen Dossier ass eng Hëllefstellung fir iech. Wann dir gutt (in)forméiert sidd, ass et fir iech sëcher méi einfach richteg ze handelen.

Awer opgepasst: Bosses & Bobos ≠ Éischt Hëllef-Cours

De Manuel Bosses & Bobos ass keen Éischt Hëllef-Cours an ersetzt en och net.
Et gi Situatioune wou dir ouni Éischt Hëllef Kenntnisser net effektiv kënnt hëllefen.
Dofir rode mir iech, niewt der Formatioun Bosses & Bobos och en Éischt Hëllef-Cours vun der Croix-Rouge Lëtzebuerg oder der Protection civile matzemaachen.

D'Redaktiounsequipe

1. Preventioun vu Krankheet an Accidenter

1. Preventioun vu Krankheet an Accidenter

Animateur sinn, heescht eng grouss Responsabilitéit op sech huelen vis-à-vis vun de Jonken, den Elteren an der Gesellschaft.

“Safety first” soll de Leitmotiv si fir all d’Aktivitéiten, ouni dëst op d’Spëtzt ze dreiwen.
Déi Jonk solle jo eppes léieren, si mussen d’Gefore kenne léieren an domadder ëmgoen.

Kuck och den „Dossier de l’animateur no1 SËCHERHEET“. Hei fënns du vill Denkustéiss, Gesetzer a Reglementer oder Preventiounsmossnamen op déi’s du muss oppassen.

Eng Charta matt Richtlinne fir Aktivitéite gouf am Joer 2007 ausgeschafft a vun de grousse Jugendassociatioune vu Lëtzebuerg ugeholl.

Charta vun der Risikopreventioun während Jugendaktivitéiten

Op d’Sëcherheet an d’Gesondheet vun de Jonken, déi eis uvertraut gi sinn, opzepassen ass fir eis Associatiounen eng moralesch a gesetzlech Flicht. Allerdéngs gehéiert Gefor zum Liewen dozou a kann ni ganz vermidde ginn. Am Bewosstsinn vun eiser Verantwortung fir während eisen Aktivitéiten all Risiko souwäit ewéi méiglech virzebeugen, engagéiert eis Associatioun sech zu folgendem:

- Sech den Interessen, de Kompetenzen an der Motivatioun vun de Jonken, déi matginn, bewosst ze sinn;
- Animatiounen unzebidden déi op Vertrauen, Respekt a Solidaritéit baséieren;
- Während den Aktivitéiten eng Ambiance ze erschafen déi en harmonescht Gruppeliewen erméiglecht;
- Op d’Wuelbefannen, d’Hygiène an d’Sëcherheet vun de Jonken opzepassen;
- Op eng gesond an équilibréiert Ernährung opzepassen;
- De Jonke kloer an däitlech ze vermëttelen no wat fir Regelen et ofleeft;
- Déi Jonk op Gefore bei den Aktivitéiten hinzeweisen an hinnen déi richteg Uleedunge ze ginn;
- Op eng Betreiung vum Grupp, déi un d’Gruppenzesummesetzung an un d’Aktivitéit ugepasst ass, opzepassen;
- Den Animateuren eng Dokumentatioun zur Verfügung ze stellen déi se fir d’Risikopreventioun sensibiliséiert;
- D’Animateuren dozou ze encouragéiere fir bei Stagen iwwer d’Auswerten a Preventioun vu Risike matze maachen.

2. Hygiène

2. Hygiène

Wat ass Hygiène ?

Hygiène ass Preventioun fir net krank ze ginn. Et muss ee verschidde Regele respektéiere fir gesond ze bleiwen a säi Kierper a säin Ëmfeld propper ze halen.

2.1. Perséinlech Hygiène

Ëmmer oppassen dass genuch Zäit agerechent gëtt fir déi perséinlech Hygiène:

- Wäschen.
- Hoer kämmen.
- Zänn wäschen.
- Op d'Toilette goen.
- Wann de Camp méi ewéi 3 Deeg dauert soll et méiglech sinn eng Dusch ze huelen.
- Bei de Jonken ass et wichteg dass Sanitäranlage fir Jongen a Meedercher getrennt sinn.
- Bei de Kanner oppassen, dass si hir Ënnerwäsch regelméisseg wiesselen.
- Keng naass Kleeder uloosse fir an de Schlofsak.
- Naass Dicher a Kleeder ëmmer ophänke fir ze drëchnen.
- Knaschteg Wäsch net an eng Plastikstut an de Rucksak maache, mee an e stoffene Sak.
- D'Gamelle ëmmer gutt spullen a propper Dicher hu fir ofzebotzen.

2.2. Hygiène am Chalet

Wat maache wa mir an e Chalet kommen?

- D'Waasserkrinn am Chalet opdréinen an d'Waasser e puer Minutte lafe loossen.
- D'Fënsteren opmaachen a lëften.
- Telefon ==> kucken ob e funktionnéiert oder ob den Handy Réseau huet.
- Sanitär ==> Waasser zéien.
- Ass Drénkwaasser am Chalet?
- Kichen ==> Frigo aschalten ==> al lesswueren ewechgeheien
- Ugefaange Fläsche mat Gedrénks ewech geheien.
- Sech d'Kichenapparater erkläre loossen.

Kichen :

- D'Kichen ëmmer propper halen.
- Owes naass opbotzen.
- D'Aarbechtsfläch propper halen.
- D'Dëppen ëmmer kontrolléieren ob se propper sinn.
  Virum éischte Gebrauch gutt spullen, dir wësst net wat déi leschte Kéier an den Dëppe gekacht gouf.
- Virum Preparéiere vum lessen d'Hänn wäschen.
- Bei laangen Hoer: e Wutz maachen oder eng Kap undoen.
- Virum Kache Réng, Braceleten an Aueren ausdoen.
- E Schiirtech undoe fir dass een d'Gezei dueno net am lessen erëmfënnt.
- Frësch Liewensmëttel direkt an de Frigo leeën.
- Déi aner Liewensmëttel propper ewechraumen (drëchen a sëcher virun den Déieren).
- D'Kichendicher all Dag wiesselen (eventuell kache wann der net genuch um Camp sinn).
- D'Dicher net *à tout usage* benotzen.
- Iessensreschter am beschten ewechgeheien.
- Keng Reschter an Aluminiumsdëppe versuergen.
- Wann dir Saache virkacht: dës sollt dir esou séier ewéi méiglech ënner 21° ofkille loossen.
  Ni mat eppes dra réieren.
- Réi Fleeschreschter ewéi Gehacktes a Poulet ni versuergen.
- Dreck sortéieren: Plastik, Pabeier, Glas, asw.
- D'Poubellen an der Kiche regelméisseg wiesselen (no all Molzecht).

D'Spull

- D'Spullstrooss richteg organiséieren:
  - En Eemer fir d'Reschter,
  - Eng Spullbiitche mat Spullbiischt fir dee meeschten Dreck erof ze spullen,
  - Eng Biitche mat waarmem Seefewaasser +Spulllomp
  - Eng Biitche mat klorem Waasser fir ze schwenken.
- D'Kichenduch soll ëmmer propper sinn an nëmme fir gespulltent Geschiir ofzedréchne geholl ginn.
- D'Gamelle soll proper an engem Stoffsak ewechgepakt ginn, an net an engem Eck trëllen.
- Bei der Spull soll ëmmer en Animateur dobäi sinn.
- D'Spullwaasser ausschëdden an d'Biitercher botzen.

Toiletten

- Extra Lompe fir d'Toiletten ze botzen. Dës Lompe bleiwe während dem ganze Camp an den Toiletten. Si sollen eng aner Faarw hu wéi d'Spullompen an der Kichen.
- Och wann eng Equipe Jonker d'Toilette muss botzen, ass et um Animateur dëst richteg z'organiséieren.
- Et léisst een en aneren ni eppes maache wat ee selwer net gäre mëcht.
- Händsche bei d'Botzmaterial dobäi leeën.
- D'Toilette sollen ëmmer propper sinn an den Toilettepabeier däerf net feelen.
- An der Meederchestoilette solle Pabeierstuten (sacs hygiéniques) an eng Poubelle sinn. Och dës muss regelméisseg eidel gemaach ginn.

2.3. Hygiène um Camp

Zelter:

- Näischt am Zelt iessen oder Limonaden drénken: dat zitt Déieren un.
- Owes wa Luucht am Zelt ass, d'Tirette zoumaachen.
- Moies d'Zelt gutt lëften.
- D'Schlofsäck eraushänken fir ze lëften oder ze drëchnen.
- D'Zelt mat enger Handbiischt kiren.
- Net mat de Schung iwwer d'Schlofsäck lafen.
- Net an den Zelter fëmmen.

Kichen:

- D'Konstruktiounskiche sollen opgeraumt a gebotzt ginn ewéi d'Kichen am Home.
- D'Kiche soll am Schied an/oder ënnert engem Iwwerdaach stoen.
- D'Poubelle solle wäit genuch ewech vun der Kiche stoen a regelméisseg eidel gemaach ginn.

Spull:

- Ewéi am Home.
- Kee Spullwaasser stoe loossen.
- D'Spullwaasser ëmmer duerch e Sift an d'Spullach schëdden an d'Reschter an d'Poubelle geheien.

Buedemfrigo:

- Keng Liewensmëttel versuergen déi séier verdiewen (wéi Fleesch).
- De Buedemfrigo soll am Schied gebaut ginn an ëmmer zou sinn. Ideal ass wann dëse Frigo vun enger Quell gekillt gëtt.
- D'Saachen am beschten an enger Plastikskëscht versuergen.

Toiletten:

- musse propper sinn.
- esou gebaut sinn dass een net era gesäit.
- E Schëld drop maachen: fräi /besat.
- Propperen a drëchene WC Pabéier.
- Eng Biitche mat Waaser a Seef fir d'Hänn ze wäschen net vergiessen.

Duschen:

- Wa méiglech esou opriichten dat een net era gesäit.
- Kanner, déi net wëllen an d'Dusch goen, deene soll ee proposéieren hire Maillot un ze doen.
- Dusche propper botzen.

3. Kleng a grouss Boboen: di éischt Gesten

3. Kleng a grouss Boboen: di éischt Gesten

3.1. Bauchwéi

E Kand op sengem éischte Camp klot owes, éier et an d'Bett soll, iwwer Bauchwéi. Wat mëchs du?

- Oft ass et en Zeeche vu Verlaangeren: d'Kand brauch Opmierksamkeet an Zäertlechkeet:
- Téi mat Hunneg, eng Geschicht.
- Froe wéini et fir d'lescht op d'Toilett war, ob et Duerchfall huet.
- Huet et Duerchfall muss een em genuch ze drénke ginn, Bouillon.
- Ass et verstoppt, Jus ze drénke ginn, Drauwen oder Quetschen iessen.
- Wann de Bauchwéi net ewech geet oder Zeeche vun Verschlechterung dobäi kommen: Iwerginn, Féiwer, Zidderen, dann ass Zäit fir bei den Dokter ze fueren an d'Elteren z'informéieren.

3.2. Schwaach faalen

An engem grousse Sall si vill Leit versammelt, et ass schlecht Loft a waarm. Eng Persoun fällt schwaach. Wat mëchs du?

- Frësch Loft – Fënster opmaachen
- d'Persoun op de Réck leeën an d'Féiss héich leeën

3.3. Féiwer

Du bass um Camp. Ee Kand fillt sech net gutt, et ass ganz waarm. Wat ënnerhëls du?

- Du mooss d'Féiwer ënnert dem Aarm. Den Thermometer weist iwwer 37,5°C.
- D'Kand soll raschten. Net zevill zoudecken (der Zëmmertemperatur ugepasst).
- D'Kand soll drénken (Waasser, Téi).
- D'Kand iwwerwaachen. Wann et net besser gëtt, den Dokter ruffen an d'Elteren informéieren.

3.4. Nuesbludden

Du bass um Weekend. Engem Kand blutt d'Nues. Wat ennerhëls du ?

- Sëtz d'Kand mam Kapp riicht oder liicht no vir.
- Sëtz dech niewendrunan dréck mam Fanger op dat Nueslach wat leeft, während e puer Minutten.
- Wann et no 10 Minutten net ophält muss een den Dokter ruffen.

3.5. Insektestëch

E Kand kënnt gerannt, et ass vun enger Bei oder enger Harespel gepickt ginn. Wat mëchs du?

- De Stachel vun der Bei eraushuelen, desinfizéieren
- Äis op d'Stëchplaatz maachen.
- Op eng eventuell **allergesch Reaktioun** oppassen, déi ganz séier kënnt:
    - E kritt net gutt Loft, en huet d'Gefill den Hals géing zougoen
    - Direkt den 112 ruffen a soen datt een de Samu brauch
    - Dat selwecht wann ee vun enger Bei oder enger Harespel bannen an de Mond gestach gëtt,
    - Äis ze lutsche ginn, an den 112 ruffen.
    - Op der Lëps gesäit et no vill aus, ass awer nët geféierlech: Äis drop

3.6. Bëschzecken

Preventioun - sech schützen!

- Déi Jonk iwwer d'Zecken informéieren!
- D'Zecke liewen am héijen (Fiichtegkeet) Gras oder an Hecken. Si sinn aktiv bei Temperaturen tëschent 7 an 25°C.
- Kleeder mat laangen Äerm, keng kuerz Box undoen.
- D'Strëmp iwwer d'Box zéien.
- Op heller Kleedung gesäit een d'Zecke besser wéi op däischterer.
- No der Aktivitéit am Fräie soll ee kucken ob een eng Zeck huet. D'Zecke si kleng a krabbelen op de Kleeder oder um Kierper ronderëm fir eng giedelech Plaatz (waarm a dënn Haut) ze fanne fir ze bäissen.

E Kand ass vun enger Zeck gebass ginn. Wat maachen ?

- D'Zeck sou séier wéi méiglech mat enger Zeckepince eraushuelen ouni virdru mat Crèmen, Uelech, Ether, ... ze hantéieren. (wann dir d'Zeck net ganz erauskrut: bei den Dokter/Spidol goen).
- d'Pince ganz vir op d'Haut uleeën a vertikal erauszéien ouni no lénks oder riets ze dréinen.
- d'Plaatz desinfizéieren.
- d'Plaatz op Entzündungen iwwerwaachen.
- an äre Rapport de Camp opschreiwen wien, wéini a wou eng Zeck hat.
- nom Camp ëmmer d'Elteren informéieren.

Wou setzen d'Zecken sech gäre fest?



D'Zecke kënne verschidde Krankheeten iwwerdroen.
Déi bekannst Krankheete sinn:
a. Borreliose oder maladie de Lyme
D'Borreliose ass eng bakteriell Infektiounskrankheet. D'Borreliose ass schwéier ze diagnostizéieren, well se vill verschidde Symptomer kann hunn. Och nach no Wochen oder Méint kann d'Krankheet ausbriechen. Dofir ass et ëmmer wichteg d'Elteren iwwert e Bëschzeckebëss z'informéieren.
D'Borreliose kënnt iwwerall vir wou och Zecke liewen.

b. Frühsommer-Meningoenzephalitis (FSME)
D'FSME ass eng viral Erkrankung a kann déidlech sinn. D'FSME trëtt net iwerall op, mee nëmmen a bestëmmte Regiounen. Informéiert iech also bei engem Auslandscamp. (z.B. : Ministère de la Santé oder www.zecken.de).
Et kann ee sech géint dëse Virus impfe loossen.

3.7. Hëtzschlag

Preventioun - sech schützen :

- oppassen dat jiddereen eng Kap unhuet an se och um Kapp hält.
- fir d'lessen eng Plaatz am Schied sichen.
- laangen Openthalt an der praller Sonn (tëschent 11 a 15 Auer) vermeiden.
- dofir suergen dass jidderee genuch drénkt.
- kucken dass jidderee sech acrèmt fir e Sonnebrand ze verhënneren; Schutzfaktor iwwer 30.

Zeechen vun engem Hëtzschlag sinn:

- rout Gesiicht
- Gleichgewiichtstéierung
- Duuschtgefill
- Erbriechen
- Schléifrechkeet

Nom Hike an der praller Sonn klot owes e Jonken iwwer Kappwéi, et ass him dronken an e bësse schlecht. Wat mëchs du ?

- Du hëlls en aus der Sonn a sëtzs en an de Schied.
- Du lees kal Kompressen op Stier, Hänn a Been.
- Du gëss ze drénken.
- Wann en net méi uspriechbar ass, lees de en an d'SSL, du riffs d'Ambulanz.

3.8. Wonnen

Wat ass eng Wonn?

Mir schwätze vun enger Wonn wann d'Haut oder d'Schläimhaut op enger Plaatz duerchtrennt ass oder einfach iwwerflächlech beschiedegt ass.

Et ginn einfach a komplizéiert Wonnen: eng einfach Wonn muss kleng, wéineg déif, wéineg verdreckst, ouni Friemkierper sinn an däerf nëmme wéineg bludden. Wann ee vun dëse Punkte fehlt ass et eng komplizéiert Wonn. **Awer opgepasst!** Ob eng Wonn einfach oder komplizéiert ass, eng Gefor besteet ëmmer, déi vun der Infektioun. Duerch déi offen Haut komme Bazillen eran, de Kierper wiert sech géint dës Infektioun, an dat kann ee gesinn.

Zeeche vun der Infektioun:

- Wéi ronderëm d'Wonn
- Ronderëm d'Wonn ass et rout
- Eeter leeft eraus oder sammelt sech ënnert der Haut
- Eng Drüs ass geschwoll
- Ronderëm d'Wonn schwëllt et
- D'Wonn heelt net
- Féiwer

A. Schürfwonn:

E Meedche fällt beim Rolzen a rappt sech de Knéi op. Wat solls du maachen?

- Du muss onbedéngt direkt d'Bazillen, déi an der Wonn sinn, matt fléissendem Waasser ausschwenken. Wéi mëchs du dat?
- Du wäschs Hänn an Neel mat Seef, spulls gutt of an du drëchens se mat engem propperen Handduch.
- Du desinfizéiers d'Wonn a ronderëm: matt Waasser vun der Wonn aus no bausse botzen, mat Desinfectant (ouni Faarw) a sterile Kompresse vu bannen no baussen desinfizéieren.
- Bei iwwerflächleche Wonnen: desinfizéieren an an der Loft loossen (keng Kleeder driwwer).
- Am anere Fall: du schütz d'Wonn.
  - wann se kleng ass, léiss de se op, oder mëchs eng Plooschter drop,déi net op der Wonn pescht.
  - wann se grouss ass, decks de se matt enger steriler Kompress zou, déi's de upechs oder mat engem Verband festmëchs.

B. Schnëttwonn

E Jong schneid sech beim Kachen an d'Hand.
E Jonke rennt mam Kapp an d'Kant vun der Fënster, e blutt um Kapp. Wat solls du maachen?

- Waméiglech ëmmer direkt ënner fléissend Waasser halen (3-4 Minutten), dat stoppt d'Bluddung an et spullt d'Käimer an engems eraus.
- Kucke wéi déif d'Schnëttwonn ass.
- Wann d'Schnëttwonn iwwerflächlech ass:
  - Desinfizéieren.
  - eventuell Plooschter.
  - Wann et nach weiderblutt, 2-3 Minutte mam Fanger drop drécke bis et gestëllt ass an de Kierperdeel héich halen.

- Wann d'Schnëttwonn déif ass:
  - Desinfizéieren.
  - Steril Kompressen.
  - Zoupeschen oder -bannen (eventuell Drockverband).
  - An d'Spidol oder bei den Dokter fuere well et eventuell muss gebitzt ginn.

Bei enger klenger an einfacher Wonn mëchs de eng Plooschter drop,
bei enger méi grousser oder komplizéierter e Verband oder en Dräiecksduch.

C. Schnëttwonn mat Friemkierper

E Kand trëppelt mat de plakege Féiss a Glasschiebelen. D'Glas stëcht zimmlech déif am Fouss. Wat maachen ?

- De Friemkierper net aus der Wonn eraushuelen.
- Du sees dem Jonken hie soll de verletzten Aarm (Been) héichhalen, kee Garrot uleeën.
- Du decks d'Wonn ouni ze drécke mat enger steriler Kompress zou.
- Du kucks dass de Verletzten an d'Klinik kënnt.

D. Et ass e Fanger erof

E Jonken ass amgaang Holz kleng ze maachen. E schléit sech mat der Aaxt de Fanger duerch.

- Du riffs direkt den 112.
- Den Aarm héich halen.
- Du drécks direkt op d'Schnëttwonn; eventuell sterilen Drockverband uleeën (kee Garrot).
- Net botzen an net desinfizéieren.
- Du sichs de Fanger, du mëchs en an eng steril Kompress / proppert Duch, dann an eng drëchen, propper Plastikstut, déi's de zou mëchs.
- Du lees dës Tut an e Behälter oder an eng aner Plastikstut wou Waasser an Äis dran ass, an du dréis d'Tut regelméisseg.
- Du brengs de Fanger an de Verletzten an d'Klinik.



Wondbehandlung

!!! Eis Hänn si propper gewäsch a mir hunn Händchen un !!!

D'Wonn vu bannen no bausse botzen an desinfizéieren an och ronderëm d'Wonn.

E. Basswonn (vu Mënsch oder Déier)

En Animateur gëtt vun engem Hond an d'Been gebass. Wat solls du maachen?
E Kand huet en anert an den Aarm gebass.

- Gutt ënnert dem Waasser ausschwenken
- Matt Waasser a Seef d'Wonn vu bannen no baussen auswäschen !
  - mat Gefill : Wann et e Kand ass, muss du Gedold hunn an erklären!
- Desinfizéieren.
- Steril Kompressen.
- Plooschter oder e Verband uleeën.
- An d'Spidol oder bei den Dokter: meeschtens ass eng Antibiotika Behandlung néideg.

F. Verletzung am Aan

Eng Animatrice krut e Friemkierper an d'Aan. Wat ënnerhëls du ?

- D'Aan ausschwenken – vu bannen (bei der Nues) no baussen (soss leeft alles nach an daat anert Aan).
- Steril Kompress.
- Verband / Kompress oder Plooschter (net an d'Aperhoer peschen).
- An d'Spidol oder bei den Dokter fueren.

G. Offe Beenfraktur

E Jonke fällt vum Baam / an der Trap. Um Been huet en eng Wonn wou d'Schank eraus steet.

- Hei ass d'Regel: net upaken ! Direkt Hëllef ruffen.
- Nëmme mat engem sterilen Duch ofdecken, eventuell desinfizéieren, fir den Infektiounsrisiko kleng ze hale bis bei den Dokter.

Et ass wichteg dass **all Wonn ëmmer desinfizéiert gëtt**, och wann der an d'Spidol fuert, well an där Zäit kënnen d'Käimer ufänken eng Entzündung ze entwéckelen an dat féiert zu enger méi laanger Verheelung oder enger méi schlechter Vernarbung.

Kompress

- nëmme baussen un 2 Ecker unhalen (ouni Jod, waasserléislech).
- den Désinfectant dropsprëtzen.
- a **vu bannen der Wonn no bausse fueren.**
- a mat **enger zweeter** Kompress d'Haut ronderëm propper maachen.

3.9. D'Verbrennungen

Beim Eisekuchebake péckt e Kand dat waarmt Eisen un.
Beim Lagerfeier schléit de Wand ëm an e Jonke kritt d'Flamen an d'Gesiicht.
Wat mëchs du ?

- Du kucks der d'Situatioun an den Zoustand vum Affer un.
- Bei schlëmme **Verbrennunge** muss du sou séier wéi méiglech Hëllef ruffen.
- Bei einfache Verbrennungen sinn d'Prinzipien:
  - d'Haut kal maachen, dat setzt d'Péng erof.
  - d'Wonn schützen.
  - all Verschlechterung vum Verletzte verhënneren:
  - vermeiden dass en ënnerkillt.
  - d'Infektioun vehënneren (Blosen net opschneiden).
  - vermeiden dasst d'Péng méi grouss gëtt: net ze vill upaken.
  - vehënneren dass et schwiereg gëtt dueno d'Wonn ze pflegen.
  - d'Verbrennung ënner fléissend Waasser, während 5 Minutten, ouni vill Waasserdrock, Temperatur 15-20°.
  - Wann eng Blos opgeet: Desinfizéieren a steril zoudecken.

Wéi schlëmm ass et?

Dat hängt of vun:

- der Fläch: méi wéi d'Fläch vun der Hand.
- der Déift: déi 3 Graden.
- der Plaatz: Gesiicht, Hänn.
- der Ursaach: chemesch, elektresch, ëmmer schlëmm.
- dem Gezei: syntheteschт Gezei pescht op der Wonn a mëcht d'Pfleg schwéier.
- dem Alter: kleng Kanner an al Leit si méi empfindlech.

Déift vun der Verbrennung : déi 3 Graden

Den 1. Grad: Epiderm

- Den Epiderm ass dat wat ee gesäit vun der Haut, +/- 1 mm déck.
- Nëmmen den Epiderm ass betraff, d'Haut ass rout an deet wéi.

Den 2. Grad: Derm

- Den Derm huet eng Déckt vun 1-4 mm, ass räich u Gefäässer an Nerven, do fanne mer d'Schweessdrüsen, d'Talgdrüsen an d'Hoer.
- Den Derm ass betraff, d'Haut ass rout, deet wéi, a mëcht Blosen.

Den 3. Grad: Hypoderm

- Den Hypoderm ass déi déifste Schicht vun der Haut, mat vill Fett.
- Den Derm ass komplett futti, d'Haut ass verkuelt (schwaarz-gro), wéi Karton.
- D'Péng verschwënnt, d'Nervenenne sinn zerstéiert.

3.10. D'Vergëftungen

Et gi ganz vill Vergëftungen, si hänken of vun der Substanz, der Quantitéit, der Persoun a vun der Manéier wéi d'Gëft an de Kierper komm ass.

Wéi kënnt d'Gëft an de Kierper ?

- Duerch de Mond.
- Duerch d'Nues.
- Duerch d'Haut, duerch Kontakt, duerch eng Sprëtz, duerch e Bass oder eng Piqûre.

Wéi stells du Vergëftunge fest ?

- **Iwwelzechkeet: d'Affer ziddert, ass bleech, et schweesst.**
- **Verdauungsproblemer: et ass em schlecht, et huet de Mo wéi, et katzt, huet Duerchfall**
- **Schlëmm Zeechen:**
  - Schnell, iwwerflächlech Otmung.
  - Schwaachen, séiere Bols, kale Schweess.
  - Kee Bewosstsinn.
  - Péng am ganze Kierper.

Bei enger Sortie gesäit e Kand eng rout Fruucht an et ësst se.
An enger Waasserfläsch ass eng duerchsiichteg Flëssechkeet.
De Jonke setzt d'Fläsch un an drénkt. Et ass Thinner.

Wat mëchs du ?

- Ruff Hëllef. Gëff näischt ze drénken, do net katzen.
- Du kanns de Mond ausspullen fir toxesch Substanzen rauszespullen a Verbrennungen ze verhënneren.
- Huel d'Fruucht an d'Planz oder d'Substanz mat an d'Spidol.
- Ass d'Affer bei Bewosstsinn:
  - Du probéiers et bei Bewosstssinn ze halen an et ze calméieren: du schwätzs mat em, du frees no senge Gefiller..
  - Du riffs den 112
- Ass d'Affer net méi kloer:
  - Du mëchs de Col op, d'Kravatt lass.
  - Du mëchs de Bilan vun de Liewensfunktiounen.
  - Du riffs Hëllef.
  - Wann's de eleng bass, a muss Hëllef siche goen, lees de d'Affer an d'SSL (stabil Säitelag).
  - Du brëngs de Kapp an Extensioun an iwerwaachs d'Otmung vum Affer.
- Du probéiers sou vill ewéi méiglech gewuer ze ginn:
- Wat fir e Gëft?
  - de genauen Numm.
  - wéi et ausgesäit: d'Faarw, de Geroch, d'Form, d'Quantitéit.
  - du geheis näischt ewech : keng Fläsch, keng Verpackung, keng Kapsel a mol kee Gekatz.
- Wéi ass et geschitt?
  - Wéini (Auerzäit).
  - Wou (genee Plaatz).
  - Wéi (ass d'Gëft an de Kierper komm).
- D'Affer:
  - Ass et bei Bewosstsinn, schléifrech, am Koma?
  - Huet et eng Verbrennung, eng Piqûre oder sech iwerginn?
  - Alter a Gewiicht vum Affer.
  - Extra Zeechen ???
- Du mëchs Éischt Hëllef.

3.11. Otemproblemer

Um WE beim lesse fänkt e Jonken opeemol un no Loft ze schnapen, e furtelt mat den Hänn, en ass blo am Gesiicht. Wat maachen?

- E Friemkierper blockéiert d'Otmung – sou séier wéi méiglech den 112 uruffen!
- Den Uewerkierper vum Jonke liicht no vir béien a 5 mol fest mat der flaacher Hand tëscht d'Schëllerblieder schloen.

Um Ouschtercamp, owes op der Veillée kritt e Jonke schlecht Loft,e päift, kritt Angscht. Wat maachen?

- Den Asthmaproblem ass beim Concernéierte bekannt: de Jonke kritt d'Medikament (Spray) wat d'Elteren iech uvertraut hunn.
- Den Asthmaproblem ass onbekannt: 112 uruffen an 1.Hëllef maachen.

Du hues Verdacht op Otemproblemer bei engem komatösen Affer. Wat maachen?

- Du riffs den 112.
- du ënnersichs de Mond.
- du labbers d'Gezei.
- du brëngs de Kapp an Extensioun.
- du kucks, lauschters, fills ob en otemt.
- **Wann de Patient net méi otemt, mëchs du eng Mond zu Mond Beotmung.**

4. En Accident

4. En Accident

Am Fall vun engem Accident ass et ganz wichteg dass du dir fir d'alleréischt d'Situatioun ukucks an deng Rou behäls. Looss keng Panik bei dir opkommen a kuck fir och déi aner Membere vum Grupp ze berouegen. Et ass wichteg dass de fir d'éischt nodenks wat ze maachen ass, an da methodesch virgees.

4.1. Du mëchs de Bilan vun der Situatioun

Du kucks der d'Problemer un. Du renns net direkt dohinn, mee probéiers en Iwwerbléck ze kréien :

- Éiers du dem Verletzten hëllefs, muss du alles maache fir aner Accidenter ze verhënneren: du muss dech an déi aner schützen z.B. de Grupp aus dem Geforeberäich erausbréngen
- wann de Verletzten zousätzleche Geforen ausgesat ass, hëllefs du him sech a Sëcherheet ze brengen
- (Bei Bewosstlosegkeet ass et besser wann e Profi, den d'Gefore vun enger falscher Manipulatioun kennt, de Verletzten evakuéiert)
- du mëchs de Wee fräi datt ee besser un d'Affer erukënnt
- du sichs sou séier wéi méiglech e berouegende Kontakt mam Verletzten, d'Hand halen, lauschteren, lues mat em schwätzen
- du bewegs d'Affer net onnëtz

4.2. Du mëchs en individuelle Bilan

5 Etappen:

1. du kucks ob de Verletzte bei ***Bewosstsinn*** ass: ob en héiert, gesäit oder fillt
2. D'Haaptsaach ass ***d'Otmung***:
   - otemt de Verletzten?
   - otemt e schwéier?
   - wat kann ech maachen datt e besser Loft kritt ?
     - du mëchs d'Gezei labber (Col, Kravatt, Schal..),
     - du kucks ob näischt am Mond stëcht
     - wann d'Persoun geräischvoll otemt, sinn d'Otemweeër net fräi?:
     - ***äusserlech Ursaach***: Drock op den Hals, Gezei.
     - am Mond: e Friemkierper (Zant, Blutt, Buedem...).
     - Du botzs de Mond mat dengem Fanger
     - bei Koma ass och vläicht d'Zong no hanne gefall
3. du brëngs de ***Kapp an Extensioun***, dat erlaabt der Loft an d'Longen ze kommen.

   Wann's de de Kapp, also d'Wirbelseil, manipuléiers muss de dat mat vill Virsiicht maachen: de Kapp muss an der Axe vum Kierper bleiwen, däerf net no der Säit gebéit ginn. Wann's de lénks vum Affer sëtzs, hëls de seng Stier an déi riets Hand a béis de Kapp no hannen.

   - du kontrolléiers d'Otmung,
   - du kucks ob den Thorax op an of geet,
   - du lauschters ob d'Persoun duerch de Mond oder d'Nues otemt,
   - du fills den Otem op dengem Bak

4. du kontrolléiers de Bols
5. du riffs Hëllef,
   - wann's de net eleng bass, stells de een un den 112 ze ruffen
   - wann's de eleng bass, an de Verletzten otemt, da lees de en an déi stabil Säitelag, (awer net wann's de mengs d'Reckkräiz wär verletzt).

Stabil Säitelag:

1- preparéiere vun der Dréiung
2- Dréiung
3- D'Stabilisatioun

112

Den Tel. 112 ass an de Memberlänner vun der Europäescher Unioun eenheetlech a gratis,du brauchs keng Suen oder Kaart an der Telefonskabinn. Wann dir eng Aktivitéit an engem net EU-Land organiséiert, da renseignéiert iech iwwert den Nouttelefon.

Du sees

1. wien's de bass,
2. wat geschitt ass
3. wou d'Hëllef soll hikommen
4. wéivill Verletzter
5. wéi eng Verletzung (Beschreiwung vum Verletzten)

5. Éischt Hëllef-Këscht

5. Éischt Hëllef-Këscht

5.1. Wat kënnt alles dran?

- 1 Pak fäerdeg geschnidde Plooschteren
- 8 einfach Kompressen 8x10 cm eenzel agepakt
- 2 Metallinkompressen
- 1 Rouleau Leukoplast 1,25 cm x 5m
- 2 elastesch Verbänn 6 cm breet
- 2 elastesch Verbänn 8 cm breet
- 2 Wondschnellverbänn 6x8 cm breet
- 2 Wondschnellverbänn 8x10 cm breet
- 2 Dräiecksdicher
- 1 Schéier
- 1 anatomesch Pince
- 1 Féiwerthermometer
- 1 Bëschzeckenzaang
- 1 Desinfectiounsmëttel fir iwwerflächlech Wonnen (op waasserléisslecher Basis, pickt net) zb. Cedium. Keen Desinfectiounsmëttel op Basis vu Iod (Braunol etc) well et kéint jo mol een allergesch sinn. Praktesch ass och Desinfectiounsmëttel am Spray.
- Vinyl Händchen
- Rettungsdecken
- 2 Plastikstuten

D'Éischt Hëllef-Këscht muss virun all Aktivitéit kontrolléiert ginn.

Am Beschten et ass een am Grupp oder op der Aktivitéit responsabel fir d'Éischt Hëllef-Këscht.

Et ass wichteg, dass all Animateur weess, wat an der Këscht ass a firwat et ze gebrauchen ass. Dofir ass et besser, sech zesummen d'Këscht eng Kéier unzekucken an ze liesen, wat op de Päck steet, wéi herno an enger Stress-Situatioun all Pak onnéideg opzerappen.

5.2. Explikatioune fir d'Éischt Hëllef-Këscht

D'Éischt Hëllef-Këscht :

- soll liicht ze transportéiere sinn,
- fest zouzemaache sinn,
- als Éischt Hëllef-Këscht liicht erkenntlech sinn,
- einfach zougänglech sinn,
- si soll fir d'Kanner ausser Reechwaït sinn.
- soll propper an iwwersiichtlech geraumt sinn. Nom Gebrauch direkt opraumen an déi gebrauchte Saachen ersetzen.

Zum Inhalt vun enger Éischt-Hëllef-Këscht

Steril Kompressen

- Déi steril verpaakte Kompressen a Verbänn si 5 Joer gutt, wann d'Verpakung intakt ass. Dueno musse se ersat ginn. Si däerfen op kee Fall méi direkt mat enger oppener Wonn a Kontakt kommen.
- Steril Kompresse si fir eng Wonn ofzedecken oder eng Wonn ze botzen, respektiv ze desinfizéieren.

D'Plooschteren

- solle virgeschnidden an eenzel verpaakt sinn
  - Hygienesch, steril.
  - Et brauch ee keng Schéier déi ka Käimer hunn.
  - Am beschte verschidde Gréisste virgeschnidden hunn.
- Plooschteren aus Stoff (brong/wäiss) sinn unzeroden.
  - Hält besser.
  - Formt sech besser un.
  - Am Plastik kënne Gëftstoffer enthale sinn an d'Haut otemt net.
  - Fir Kanner kann ee jo einfach e 'Männchen...' dropmole wann et muss sinn.
- Och keng Plooschter benotzen déi mat engem Antibiotika / Désinfectant virimprägnéiert ass. (allergesch Reaktioun; ass net ëmmer néideg)

Elastesch Verbänn

- sinn amplaatz vu Leukoplast fir Kompressen unzehalen.
  - oder méi grouss Flächen ze verbannen.
  - oder aus hygienesche Grënn fir méi ze schütze wann e Jonke mat engem Verband/Gips mat an de Bësch geet.

Wondschnellverbänn

- do ass schonn eng steril Kompress drun an de Verband pescht vum selwen.

Dräiecksdicher

- sinn als Aarmschléng ze benotzen oder fir eng grouss Wonn ofzedecken (Knéi, Ielebou, Kapp).

Pince

- ass fir Spläiteren aus enger Wonn ze huelen. Si muss virdrun an dueno desinfizéiert ginn.

Sonnecrème

- De Summer ass et gutt eng Sonnecrème ze hunn mat héijem Schutzfaktor extra fir Kanner (ass nëmmen 1 Joer gutt ! ! !)

Bëschzeckenzaang:

- kuck d'Kapitel II.

Vinyl-Händchen

- Undoe bei Wondbehandlung / Kontakt mat Blutt a Katz.
- Eegene Schutz.
- Hygienesch propper.

Rettungsdecken

- Fir ënnert an iwwert een ze leeën.
- Regel: Sëlwer zum Kierper ass gläich wiermen, Gold zum Kierper ass gläich killen.

Plastikstuten :

- Fir en Amputat ze schützen an ze transportéieren. Kuck d'Kapitel Wondbehandlung.

6. Medikamenter

6. Medikamenter

6.1. D'Gérance vun de Medikamenter

Medikamenter

Als Animateur dierfs du kengem Kand oder Jonkem e Medikament ginn ouni déi schréftlech Autorisatioun vun den Elteren oder vun engem Dokter. Medikament géint d'Péng, de Kappwéi, Mokrämp, liicht Verbrennungen, Insekte-stëch falen och ënner dës Direktiv. D'Ursaach ass, dass et Persoune ginn, déi allergesch op verschidde Mëttele reagéieren (z.B. op Aspégic, ...).
A bestëmmten Associatiounen ass et trotzdeem erlaabt, duerch Protokol vun engem Dokter, verschidde Medikamenter ze ginn.

Wann e Kand speziell Medikamenter muss huelen :

- Am beschten ee Responsable bestëmmen, dee sech dorëms këmmert.
- D'Medikamenter all mam Numm a Virnumm vum Jonke beschréften.
- Fir all Kand eng eenzel Tut maachen, wou nëmme seng Medikamenter dra sinn.
  Déi soll een dann zesummen op eng Plaatz stellen:
  - déi ee gutt gesäit
  - déi drëchen ass
  - a wou d'Kanner net dru kommen
  - ausser e Medikament misst am Frigo stoen (z.B. verschidde Siropen).
- Wann dir e Rallye vun engem Dag maacht, un d'Medikament denken a just dat Medikament an der Këscht, an net als eenzel Pëll mathuelen.
- Vergewëssert iech, wéini der et gitt (virum/nom lessen), wéi oft (1, 2, 3 mol/Dag), wéi eng Quantitéit (1 Pëll, 5ml, 10 Drëpsen,...) a wéi laang (1,2,5 Deeg).
- Fir genau d'Iwwersiicht ze hunn, ass et unzeroden, eng Fiche pro Kand ze schreiwen, wou dir ukräizt wéini dir d'Medikamenter ginn hutt. z.B. :

Numm : *Pit Muller* Datum Auerzäit	Samsdes 03.07.08 8 12 18	Sonndes 4.07.08 8 12 18	Méindes 5.07.08 8 12 18
Augmentin 5ml Nom lessen	X X /	/ / /	
Lysomucil 200mg Nom lessen	X /	/ /	/ /
Balsoclase 1 Kaffisläffel Nom lessen	X	/	/

oder

Samsdes den 03.07.2008

Augmentin 5ml (nom Iessen) Lysomucil 200mg (1s. nom Iessen) Balsoclase (1 Kaffisläffel nom Iessen)	8 8	12	18 18 18	Pit Muller
Maxillase 1 Kaffisläffel virum Iessen	8	12	18	Lisa Schmit

Sonndes den 04.07.2008

…… …… ……				……..

asw…

Wann dir d'Medikament ginn hutt, straïcht der einfach de Strëch / Auerzaït duerch.
Dir kënnt eng Method, déi un äre Grupp ugepasst ass, entwerfen an dës Fiche fotokopéieren; dat spuert Aarbecht an Zaït ! ! !

Dës Fiche bleiwt bei deene spezielle Medikamenter.

E Beispill vun enger Fiche déi d'Eltren ausfëlle musse wann hirt Kand op Medikamenter ugewisen ass.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille et de l'Intégration
Service National de la Jeunesse

Service National de la Jeunesse
B.P. 707
L-2017 LUXEMBOURG

CONVENTION RELATIVE A L'ADMINISTRATION DE MEDICAMENTS

Nom (père, mère, tuteur..)_____Prénom_____

Adresse : rue _____ numéro_____ L-_____

tél. : _____ GSM :_____

donne l'autorisation d'administrer le/les médicaments suivants à mon enfant / au participant _____ pendant le camp, conforme à la prescription du médecin, respectivement conforme à la demande des parents, tuteurs

Nom du /des médicament(s)_____

Ce médicament est administré :

∞ suite à l'ordonnance du médecin traitant O
(nom) _____
(adresse) L-_____
numéro de téléphone _____

∞ suite à la demande des parents ou tuteurs O

Le médicament doit être administré du_____ au_____

Dose_____

Horaire : matin_____midi_____soir_____

Le médicament doit être gardé au réfrigérateur : oui O non O

Date de péremption du/des médicaments :_____

Instructions spéciales : (avant/après de manger, couché, debout) : _____

Modes d'administration :oral O rectal O nez O oreilles O

Le médicament sera administré par: (nom de l'animateur/trice) _____

Remplaçant: (nom) _____

En cas de problème ou de doute le responsable du camp peut contacter le médecin traitant :
_____

Les responsables du camp ne peuvent pas à être responsabilisés en cas d'apparitions d'effets secondaires suite à l'administration du /des médicaments.

Lieu et date Signatures des parents ou tuteurs

Signatures du responsable ou remplaçant

7. Assurancen

7. Assurancen

Op all Aktivitéit soll een Animateur derbäi sinn, deen iwwer d'Assurance bescheed weess.

Dir sollt bescheed wëssen iwwert är

- Assurance Accident fir Kierperschued
- Assurance Responsabilité civile (Haftpflicht) fir Kierper- an/oder Materialschued
- Assurance op den Autoen
- Assurance Risque locatif fir d'Gebei wat dir fir eng Aktivitéit lount

Wichteg ass, dass du weess

- wat ofgesëchert ass a wat net (eventuell eng Zousaatzassurance ofschléisse fir eng bestëmmten Aktivitéit)
- wéi's du de Schued bei wiem declaréiers.

Méi Informatiounen zu Assuranceë fënns Du och am „Dossier de l'Animateur Nummer 2 Sëcherheet".

8. Fiches médicales

8. Fiches médicales

Wichteg ass :

- ee Responsablen designéieren deen d'Gestioun vun de Fiches médicales mëcht
- all Animateur muss iwwer déi eenzel Jonk bescheed wëssen, dofir kuckt se eemol zesummen duerch
- d'Fiches médicales si vertraulech, mee musse fir all Animateur accessibel sinn.
- Wann d'Eltere refuséieren d'Fiche médicale auszefëllen, da kann de Jonken net mat op d'Aktivitéit goen
- No der Aktivitéit ginn d'Fiches médicales zerstéiert.

Mir ginn lech hei dräi Beispiller vu Fiches médicales.



D'Fichë kënnt dir hei erofleden: www.snj.lu

Association des girl-guides luxembourgeoises

CAPEL Centre d'Animation Pédagogique et de Loisirs

Service Vacances

croix-rouge luxembourgeoise

École de Musique de l'UGDA

eneps
ECOLE NATIONALE DE L'EDUCATION PHYSIQUE ET DES SPORTS

fnel scouts & guides

Groupe Animateur

JEC
Jeunesse Etudiante Chrétienne

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

snj
Service National de la Jeunesse

Document édité par la commission consultative à la formation des animateurs de loisirs.

Adresse postale
Boîte postale 707 • L-2017 Luxembourg

Adresse siège
138, blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.etat.lu • www.snj.lu

Ce document a été rédigé par :

fnel scouts & guides

snj Service National de la Jeunesse